Update: Mëttwoch, 24. Februar 2021

Prozedur fir d'Reprise vum Championnat an der Novotel Ligue (D & H)

1. Schnelltester (Annexe 1 an 2)

Käschten:	Gratis
Bestellung:	schnelltest@sp.etat.lu (Ministère des Sports)
Ofhuelen:	Institut National des Sports (INS) / 66, rue de Trèves, 2630 Luxembourg
Vun wiem?:	Responsabelen vum Club
Ënnerschréft:	De Club verflicht sech d'Consignen strengstens anzehalen.

2. Championnat / Testmatcher (Annexe 6)

Novotel Ligue:	Obligatoresch a gratis fir déi 8 Dammen- an 8 Häre-Equippen
Spilldeeg:	ALL (Nodrosmatcher, Regulär Hi-Ronn, Play-off, asw.)
Schnelltester:	Den Datum, d'Auerzäit, d'Plaz wou getest gëtt, muss all Woch vum "COVID-Delegéierten" vum Club bis spéitstens Mëttwochs, 12.00 Auer, matgedeelt ginn → op info@flvb.lu
Trainings/Frëndschafts-Matcher:	Schnelltest ass recommandéiert. Falls getest gëtt, muss di virgeschriwwe Prozedur agehale ginn.
Identifikatioun:	All Persounen déi getest ginn mussen eng Pièce d'identité dobäi hunn an hir Matricule (auslännesch Spiller hunn eng Matricule vum Service Medico kritt, am Fall wou si se net méi rëm fannen, kenne mir dat gär fir iech nofroen).

3. Schnelltester obligatoresch fir...

Arbitteren, Scorer + Ass.Scorer:	Alleguer déi, déi op der Feuille de match stinn
Linneriichter:	am Fall wou der genannt sinn
Spiller/innen:	Alleguer déi, déi op der Feuille de match stinn
Staff:	Trainer, Co-Trainer, Kiné an ALL aner Persoun op der Bänk

4. Schnelltester NET obligatoresch fir

Wischer/Ballkanner:	awer permanent Maskepflicht
Journalist/Fotograf:	awer permanent Maskepflicht

NOVOTEL HOTELS, SUITES & RESORTS · LOTERIE NATIONALE · voyages emile weber · ASPORT > sport + fashion + lifestyle < sports meet fashion · BONARIA FRERES s.a. · LUXEMBOURG LET'S MAKE IT HAPPEN

5. Wéini? / Wéi oft?

obligatoresch:	1x d'Woch manner wéi 72 Stonnen virum Match
fakultatif:	2 x d'Woch
obligatoresch:	de "Club recevant" muss eng Test Seance, 2 Stonnen virum Match, ubidden fir d'Arbitter, Linneriichter resp. Spiller/innen vun Heem an/oder Gaascht-Equippe déi bis dohin net getest goufen

6. Ausnamen (fir ALL Persoun: Spiller/in, Trainer, asw.)

PCR-Test:	Jiddereen deen e PCR Test huet deen negativ a manner wéi 72 Stonnen al ass, muss kee Schnelltest méi maachen. Kopie vum PCR Test un info@flvb.lu mailen resp. bei d'feuille de match leeën a mat aschécken

7. Formatioun fir d'Persounen déi d'Prelevementer maachen (Tester)

Wien däerf?:	Persounen aus dem Gesondheetssecteur (Dokteren, Infirmier/ière, Laboranten, Hiewanen, Sozialaarbechter, Psycholog, Physio, Apdikter, Pompjee - Fräiwëlleger oder Professioneller -, Salarié a Benevole vun Veräiner déi vum Ministère de la Santé zougelooss sinn)
Formatioun:	Gratis Aschreiwung op www.covid-test-ag.lu
Inhalt/Dauer:	1-1,5 Stonn online mat 6 theoretesche Moduler an 1 Test
Certificat:	MUSS um Site www.covid-test-ag.lu erofgeluede ginn an ass OBLIGATORESCH

8. Professionell „Tester"

Professioneller:	gi virun den 2 éischte Spilldeeg als Hëllef a Superviseuren agesat fir d'Läit aus de Clibb unzeléieren an ze begleeden.
Fräiwëlleg:	Persounen aus dem Club, déi d'Konditiounen erfëllen fir ze testen, sollen deelhuelen, sech wärend den 2 éischten Test-Seancen informéieren a spéiderhin d'Schnelltester selwer maachen
Stage:	Praktesche Stage ka bei Bedarf bei der Santé ugefrot ginn
Ausnam:	E Club huet/fënnt keen Fräiwëllegen, da kënne Professioneller e limitéierten Depannage iwwerhuelen. Dat muss der FLVB fréizäiteg matgedeelt ginn op info@flvb.lu
Käschten:	D'FLVB iwwerhëlt d'Indemnitéit vun de Persounen déi Tester duerchféieren (Test Seance vu maximal 90 Minutten à 60 EUR/d'Stonn) a stellt d'Schutzkleedung fir déi Läit gratis zur Verfügung. D'Sekretariat vun der FLVB informéiert iech wéini d'Schutzkleedung kann ofgeholl ginn.
Bezuelen:	Unhand vun engem Decompte deen de COVID Delegéierten un d'FLVB schéckt mat den Informatiounen wéini, wou a wéi laang d'Test Seance war, Numm vum Tester a seng/hier Kontosnummer

NOVOTEL HOTELS, SUITES & RESORTS · LOTERIE NATIONALE · voyages emile weber · ASPORT > sport + fashion + lifestyle < sports meet fashion · BONARIA FRERES s.a. · LUXEMBOURG LET'S MAKE IT HAPPEN

9. Déclaration de consentement (Annexe 3)

Spiller/in, Staff,
Arbitter, Linneriichter: MUSSEN eng Kéier ausgefëllt ginn
Bei Kanner ënner 18 Joer, w-e-gl. eng zousätzlech Ennerschrëft vu Papp oder Mamm
Per Courrier/Mail: un d'FLVB schécken: 3, route d'Arlon / 8009 Strassen oder info@flvb.lu

10. Journal de bord = Déclaration de résultats en masse: Excel-Fichier (Annexe 4)

Obligatoresch (1): Fir ALL Test-Seance
Obligatoresch (2): Direkt no der Test-Seance un d'Santé mailen. Portal: Guichet.lu
https://covid-atg.b2g.etat.lu/PrometaNextGenPortalExecution/app/ms-c19-alftest
Kopie un info@flvb.lu

11. Relevé (Annexe 5)

Mail un: info@flvb.lu (FLVB sammelt se a leed se weider)
Bis wéini?: Spéitstens Dënschdes 12.00 Auer no engem Match

12. Wann an der Woch getest gëtt

Mail un FLVB: De „Journal de bord" mat den Nimm vun de geteste Persounen (Spiller/innen, Trainer, asw.) beim Schnelltest a Kopien vun den negativen PCR Tester, falls där och do sinn, un info@flvb.lu
Bis wéini?: Spéitstens bis Samschdes 10.00 Auer
Weider Demarchen: D'FLVB gëtt d'Lëscht vun den negatif Getesten weider un de COVID-Delegéierten zwecks Kontroll duerch d'Arbitter virum Match.
Spiller/innen, Staff (Trainer, asw.), déi net bis 10.00 Auer gemellt gi sinn, däerfen net opgestallt ginn ausser si maachen nach e Schnelltest just virum Match.

13. Arbitter, Linneriichter

Wéini getest (1): direkt op der Plaz virum Match
Wéini getest (2): oder am Virfeld (manner wéi 72 Stonne virum Match) bei sengem oder deem nooste Club. Säin Numm muss och an de „Journal de bord" agedroe ginn, do wou e getest gëtt. D'FLVB gëtt eng Lëscht vun den Test Seancen an de Clibb un d'Responsabel-Arbitter weider.
Wéini getest (3): Kann en negativen PCR Test virweisen deen net méi al wéi 72 Stonnen ass (Kopie dovun bei d'Feuille de match leeën)

NOVOTEL HOTELS, SUITES & RESORTS · LOTERIE NATIONALE · voyages emile weber · ASPORT > sport + fashion + lifestyle < sports meet fashion · BONARIA FRERES s.a. · LUXEMBOURG LET'S MAKE IT HAPPEN

14. Bei positivem Schnelltest

Direkt...(1):	D'Hal verloossen a fir 10 Deeg an Isolatioun goen
Direkt...(2):	D'Santé informéieren: https://covid19.public.lu/fr/personne-contact-positive.html

15. Isolatioun ass opgehuewen...

Wann… (1):	10 Deeg Isolatioun eriwwer sinn
Wann… (2):	e negativen PCR-Test virläit (Kopie un: info@flvb.lu)

16. Vestiairen / Duschen

Virschrëften:	Et gëllen d'Virschrëften vun de jeeweilegen Gemengen
Recommandatioun (1):	Wa méiglech soll doheem geduscht ginn
Recommandatioun (2):	Zougang begrenzen op Spiller, Offizieller an Arbitteren mat negativem (Schnell-)Test
Recommandatioun (3):	Ofstand vun 2 Meter anhalen. Wann dat net geet, d'Mask unhalen
Recommandatioun (4):	Max. 10 Persounen
Recommandatioun (5):	2 Vestiairen pro Equippe virgesinn

17. Wärend dem Match

Keng Maskepflicht:	Fir Spiller, Staff (Trainer, asw.), Arbitter a Linneriichter
Uwesend Persounen:	Um Niveau vum Terrain solle sech just déi Persounen (Staff, Offizieller, Presse) ophalen, déi fir de Match néideg sinn a sollen min. 3 Meter Ofstand zum Terrain halen
Nom Schlusspëff:	D'Hal soll schnellstméiglech geraumt a verlooss ginn

18. Divers

Ofso/Remise Match:	Hei gëllt d'FLVB-Reglement (ROI)
Buvette:	net erlaabt
Tribün:	Spectateuren net erlaabt
Gedrénks:	Jiddereen benotzt seng eege Fläsch
Symptomer:	An deem Fall, guer net bis an d'Hal kommen
Presse:	Muss eng fest zougewise Platz kréien, permanent d'Mask droen a bei Interviewen muss eng Distanz vun min. 2 Meter agehale ginn

D'Prozeduren ginn ugepasst am Fall vun neien Entwécklungen a Gesetzer.

NOVOTEL HOTELS, SUITES & RESORTS · LOTERIE NATIONALE · voyages emile weber · ASPORT > sport + fashion + lifestyle < sports meet fashion · BONARIA FRERES s.a. · LUXEMBOURG LET'S MAKE IT HAPPEN